



Section de Compétition



2ten Trainingsdag

Salut Alleguer,



Zweeten Dag Training. Wéi ëmmer voll motivéiert hunn sech Natiounen ob den Wee fir ob Streck zu Montemor den Moien gemaach. An do stoungen mer dunn all ob eemol virun enger zouener Paart an sinn net ob den Parcours komm. Anscheinend hat déi portugisesch Federatioun sech net mat dem Besëtzer vun der Streck ofgeschwat an dofir wär och zou. Eng Stonn méi spéit wei soss sinn mer dunn eran komm an et ass och dunn décidéiert

ginn dass alles em eng Stonn Retard éiert géif ginn.

Um 11 Auer ass et lass gaangen. Mir hunn wéi gëschter och nees nëmmen Katzen gefaangen, mee Gott sei Dank der haut vill méi. Zwëschent 3 Kg an 6 Kg hunn mer haut ob d' Wo bruecht. Vun Muleen leider awer nach ëmmer keng Spuer. Haapt Ufiderung ass haut nëmmen mat der Coupelle gemaach ginn. Déi éischt 2 Stonnen huet all Mënsch richteg gutt gefaangen an dunn wéi wann een Schleis zu gemaach hät: Stopp. Et ass nach déi eng oder aner Katz derbäi komm mee déi meescht woren gefaangen. De Pit huet trotzdem nach weider an sech als Een-zegen regelméisseg gefaangen. Mir loungen an den Gewichter an sech och net ganz weit vun eisen Noperen ewech. Wat och positiv ze bewäerten ass.

Nom Fëschchen weider um Material geschafft. Déi meescht Aarbecht hunn mer mat der Preparatioun vum Buedem. Mee ech mengen dier doheem wësst wat et heescht anstänneg preparéiert ze sinn.

Muer setzen mer an der Box 3 an mir hoffen just dass mer mol mat Zäiten ob Streck kennen.

Muer den Owend em déi selwecht Zeit nees um Site vum Kirchberg.



Section de Compétition

2ten Trainingsdag

September

04





Section de Compétition

2ten Trainingsdag





Section de Compétition

2ten Trainingsdag

